PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Regierung huet Ännerungen ugekënnegt bei der Primm fir Elektroautoen. An Zukunft soll een d'Primm nëmmen nach kréien, wann een den Auto mindestens dräi Joer laang nom Kaf hält. Domadder soll bewierkt ginn, dass d'Autoe méi laang am Lëtzebuerger Fuerpark bleiwen an net esou schnell an d'Ausland kënne verkaf ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Elektroautoe sinn tëschent 2018 an 2023 (opgelëscht pro Joer) hei am Land kaf ginn?
2. Wéi vill Elektroautoe sinn tëschent 2018 an 2023 (opgelëscht pro Joer) hei am Land immatrikuléiert ginn?
3. Wéi vill Elektroautoe goufen tëschent 2018 an 2023 hei am Land kaf an am Ausland immatrikuléiert?
4. Wéi vill Elektroautoen goufen tëschent 2018 an 2023 hei am Land immatrikuléiert an duerno an d'Ausland verkaf an immatrikuléiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten